# FRIDA

## SCHAUSPIL a ve'er AKJEN

---

## Perso'nen:

Frida

Comtesse de Charny ( hir Ste'mamm )

Tilly, der Comtesse hir Duechter ( spe'der Mme Guny )

Ella, dem Tilly seng Schwester ( spe'der Mme de Barry )

Lina, dem Ella seng Duechter, 6 Joer

Rita, dem Tilly sei Kand, 5 Joer

D'Joffer Madeleine, eng Haushälterin

Lisette, Kummermédchen

Madame Mohr, dem Lisette seng Mamm

Anna, en Dengschtmédchen, spe'der Schwester Magna

Madame Schulz

Madame Rolly

Mathilde
Jeanny
Thekla      Médercher [redacted]
Emma
Sisy
Rosa

---

### 1. A K T

#### 1. S z é n .

Frida : ( no enger klenger Paus ) Hutt der et nach net fond, Kanner?

Thekla : Ma nén! Mer kennen et net fannen!

Frida : ( lacht a weist op d'Joffer Madeleine ) D'Joffer Madeleine huet et scho bestömmt geroden.

J.Madeleine: ( kuckt verwonnert op ) Ech?... d'Rätsel?.... Ech wéss emol guer net me' we' et wor.

Frida : ( zu dénen aneren ) Nun he'ert emol do, d'Joffer Madeleine wéss

emol net me' we' d'Rätsel war. An dir? Wesst dir et och net me'?

Emma : Dach! Soll ech et nach emol soen?

Frida : ( wenkt fröndlech mam Kapp ) Ma gewöss, Emma, so et emol nach eng Ke'er dat d'Joffer Madeleine ( dre't hir hémlech mam Fanger ) awer elo oppasst. Nit gedrémt, Joffer Madeleine, dir wösst, wien d'Rätsel le'sst, dén duerf bei onsem Fest de Fendel droen.

J.Madeleine : ( lacht ) So'.. mé da brauch ech mir dén ale Kapp net me' ze zerbriechen, well d'Madeleine kritt de Fendel jo dach net ze droen. ( si lachen all ) ( zum Emma ) Dajé, réck elo eraus mat denger Gescheithéti

Emma : Et ass besser we' den Herrgott; schlechter we' der Deiwel; de' Do'deg iessen et a wan de' Lieweg et iessen, da mussen se stierwen.

Frida : ( wenkt mam Kapp ) Justemang, Emma, eso' war et. Nujé, Kanner, da rot elo emol!

J.Madeleine : ( kratzt sech hannert dem O'er ) Engt schwe'ert Rätsel! Un eso' enger Noss beisst d'Madeleine sech de' al Zänn net me' aus.( all lachen )

Sisy : Dat do ka ké Mönsch fannen!

Jeanny : T'ass jo och net me'glech, le'w Tatta Frida! T'ass dach neischt wat besser ass we' den Herrgott!

Rosa : Och neischt wat me' schlecht ass we' der Deiwel!

J.Madeleine : ( lacht ) D'Tatta Frida huet iech eng Sche'n opgebonnen.

Thekla : ( ganz e'scht ) De' Do'deg iesse jo iwerhapt neischt me'.

Frida : ( ganz fröndlech ) Ganz richteg! an domat ass d'Rätsel schon hallef gele'sst.

Thekla : ( klatscht an d'Hänn ) Ech hun et!.... T'ass dat Wiertchen " neischt " Gelt?

Frida : So' ass et, d'Thekla huet et geroden.

J.Madeleine : ( klatscht dem Thekla Beifall ) Bravo! Bravo! D'Thekla duerf de Fendel droen. Dat awer och ke' vun ons op dé Gedanke ko'm ass! Neischt ass besser we' den Herrgott; a neischt ass schlechter we' den Deiwel; de' Do'deg iesse neischt; wan de' Lieweg neischt iessen, da mussen se stierwen.

All durchenén:Ganz richteg! - So' ass et, e wonnersche'nt Rätsel!

J.Madeleine : ( kuckt ganz stolz op d'Frida ) A wo' hölt d'Tatta Frida nömmen de' sche'n Rätselen hir?

Frida : ( weist op d'Joffer Madeleine ) An elo get d'Joffer Madeleine awer och nach e Rätsel zum Besten.

All : Jo, Joffer Madeleine! Jo!

J.Madeleine : Wat?.. ech?.. e Rätsel?...( denkt e we'neg no ) Da rot emol: Muergens get e ganz mat Flésch geföllt an owens mecht én et eröm eidel. ( lacht ) So'... nun zerbriecht iech d'Kapp, awer viru bitzen, soss könt d'Chröchtköndchen an dann....

Thekla : ( le'sst d'Joffer Madeleine nit ausschwätzen, mä hiewt hirt Kannerklédchen an d'Lucht a sét ) Pardon, Joffer Madeleine, mir hun ons Klédercher bal ferdeg.

Emma : U mengem félen d'Knäpp nach!

Jeanny : Ech gi mar mat mengem Schirtech färdeg.

Rosa : An ech kommen haut nach mat mengem Hiemchen un d'Enn.

Matilde : Ech si mat menger Hues un der Fe'scht.

J.Madeleine : ( weist hir Hues a lacht ) An ech si mat menger un der decker Ze'f
( si lachen all ) an elo rot emol mei Rätsel. Wesst der et nach?

Mathilde : Jo, muerges föllt én et mat Flésch an owends mecht én et eröm eidel, ass et net eso'?

J.Madeleine : ( wenkt ) Jo, eso' ass et. Nu get iech emol drun.

Jeanny : ( hieft de Fanger ) Ech hun et, t'ass eng Treip. ( si lachen all )

J.Madeleine : ( zum Jeanny ) Nén, Jeanny, falsch geroden. Eng Treip get jo net eröm eidel gemét.

Rosa : ( lacht ) An och muerges net geföllt.

J.Madeleine : Ech son iech et, dir kommt jo dach net drop ( weist hinnen eng Hues ) Hei ass et!

Thekla : ( lacht ) Hei t'ass d'Hues!

Emma,Jeanny : ( lachen ) Richteg!

Rosa : D'Hues get muergens geföllt an owens eddel gemét ( si lachen all )

Frida : ( schmunzelt ) Nu kuckt iech emol d'Joffer Madeleine un, wat de' allerlé Tricken an der Kopp huet!... an nu Kanner, sange mer zum Schluss nach e sche'nt Liddchen an da gi mer hém!

All : ( durchenén ) Jo, losst mer sangen!

Jeanny : Awer e löschtegt!

Sisy : Tatta Frida, dir erlabt jo dat mer e löschtegt Lidd sangen?

Frida : Ma gewöss! Wuerfir och net? Sisy a Jeanny, engt vun déne schénsten aus ärem Repertoire.

All : Jo! Jo! ( Si nennen verschidde Lidder )

Sisy,Jeanny : ( sangen ... Um Enn vum Lidd könt d'Ella eran. Et bleiwt onbemierkt mé zreck stoen, zitt d'Nues an d'Lucht, ble'sst an hält sech d'Oeren zo', verrét durch allerlé Zéchen dat et him net gefallt )

## 2. S z é n

Ella : Halt op, soss kre'en ech nach Migräne ( Sistin all op )

Frida : ( e'scht awer douce ) Ella, we' kanns du so' eppes soen?

J.Madeleine : ( Mat engem be'se Bléck op d'Ella, net ganz hard ) We' onverschimt!

Frida : ( zum Ella ) D'Kanner hun dach ganz le'f gesongen!

Ella : ( mecht eng spöttesch Verbeugong vrun dem Sisy an dem Jeanny, de' gesongen hun ) Natirlech, ausgezéchent! Prima Sängerinnen ( hält sech d'Nues zo' ) Wat ass hei fir eng Loft! Fich! T'ass fir z'erstécken!

We's du dech hei.... A propos! Kannst de d'Médercher net hémschecken, Frida? D'Tilly an ech genge gär e Moment eleng mat dir schwätzen

Frida : Gewöss!... Kommt, Kanner, macht fir haut Schluss! ( si huelen all hir Sachen zesummen a le'en se an hire Kierfchen oder an hir Tasch ) De nächste Sonndeg kommt dir all an d'Wésenhaus. Gelt! Da gin de' arem Könnercher vum Chröstköndchen beschenkt. Wan nach eppes un ere Sache félt, da macht et dohém ferdeg a brengt et mat an d'Klo'schter! Äddi an Avoir, d'Joffer Madeleine gét mat iech! ( Et get en all fröndlech d'Hand, de' d'Médercher kössen, zum Ella hin machen se eng kal Verneigong a da gin se mat der Joffer Madeleine rechts of. D'Frida kuckt de Médercher no. D'Ella hölt sei Nuesschnappech eraus a fächert domat d'Loft )

Ella : Wat eng Atmosphär! T'ass fir z'erstécken. We' kann... ( D'Frida könt eröm, zum Frida ) A elo, helleg Elisabeth, hues de dan elo och en Abléc

Zeit fir deng Schwesteren?

Frida : ( hölt dem Ella seng Hand a lét seng recht Hand op dem Ella seng Schöller ) Ma dach; Kand! awer vun enger helleger Elisabeth sin ech nach himmelweit ewech!

Ella : ( spöttesch ) t'félt net me' vill, nömme nach den Hellegschein; Du affers dech jo ganz fir deng Arem ( zitt verächtlech d'Schölleren ) Nujé, jidderén huet seng apart Ideen, dén én de' do dén aneren anerer. Fir mech wier dat neischt. A propos! Du köns... Mir hätten e Begier ( weist no lenks ) An do könt jo d'Tilly ( Tilla lenks eran )

3. S z é n

Tilly : ( hölt dem Frida seng Hand ) Gudden Owend, mei le'ft Frida. Sin deng Schéfercher fort? Bitzt a stréckt dir fir d'ganz Mönschhét? Du mechs dech nach krank domat..

Frida : ( önnerbrecht et lächelnd ) Gesin ech duerno aus?

Tilly : O nén! Pardon, du blés we' eng... ( lacht ) lo hat ech bal gesot: we' eng Liljen am Herrgott sengem Gard. ( Tilla an Ella lachen iwermiddeg ) Huel mer et net iwel, Frida, et war net be's gemengt. A propos, du kanns ons e le'wen Dengscht le'schten, wöllst de? Jo?

Ella : ( schméchelt ) Gelt, Fridchen, du dés et, gelt?

Frida : Wan ech et kan, vun Härze gär. Dir wösst, we' gär ech iech eng Fréd machen.

Tilly : ( schméchelt ) Dat wösse mir! Da lauschter! Du wéss dach dat d'Madame Müller ons fir haut den owend op de Familjebal ageluedén huet - d'Mamma erlabt ons dohinzegoen, awer nöm en önnert dér Bedingong, dass du mat géss... Gelt, du géss mat ons!

Ella : ( schméchelt och ) Mach ons zule'f mol eng Ke'er eng Ausnähm a ge' mat!

Frida : ( verle'en ) Et dét mer léd... Dir wösst dach, dat ech zenter dem Do'd vu menger Mamm ke' Bal a kén Theater me' besichen.

Ella : ( motzeg a kreischereg ) So' lo hu mer et jo. Dat kont ech mer denken!

Tilly : ( motzt och ) ke' vergonnt ons ower och nömmen de' klengste Fre'd.

Frida : Ech bieden iech. Wie sét dan dat? Dir sollt op de Bal goen, nömme verscho'nt mech domat. Ech schwätze mat der Mamma, ech fe'eren iech da mat mengem Won dohin an huelen iech hanneno eröm of.

Ella : ( ömärbelt d'Frida ) Wölls du dat machen? O, da bass du en Engel, Frida!

Tilly : Jo, en Engel bass du dan. Villmols merci, du wölls net, dat mir och ons sche' Jugendzeit solle versauert kre'en, wés du, gelt Frida?

Frida : ( lacht ) Vu Versauren, we's du dat eso' gelunge nenns, hun ech bis elo nach net dat gerengst verspurt - au contraire, Kanner, huet dir mech da schon trau reg oder schlecht gelaunt gesin?

Ella : ( ömärbelt d'Frida ) Nén, verzeih, Frida, du bass en Engel. Du muss verstoen, mir zwé sin nun émol net we'ss du.

Tilly : ( spöttesch ) So' ass et! A chacun son goût! - Ech, par exemple, fille mech am Danzsall me' glécklech we' an der Kirech. ( zum Frida ) Bei dir ass et ömgeke'ert, me' duerfir könne mir ons awer ganz gudd verdroen. Villmols merci, Frida! Ech fre'e mech schrecklech op de' Bal bei der neigebackener Madame Müller.

Ella : ( löschteg ) Ech och! Äddi bis den Owend, Frida ( Ella an Tilly huelen sech an den Arem a gin dänzelnd fort, si sangen: Freut euch des Lebens..

Frida : ( röselt de Kapp, kuckt hinne no a sét ) De' arem Kanner! Ganz we' hir Mamm!

4. S z é n

( D'Joffer Madeleine könt eran. Si huet d'Anna bei der Hand )

J.Madeleine : Pardon, Frida, onst Anna könt ons Äddi soen.

Frida : ( hölt d'Anna fröndlech bei der Hand ) We'? Du bass schon résferdeg, Anna? Du géss dach haut nach net?

Anna : Nén, réscht muerge fre'. Ech si kom... ( hält d'Hand virun d'Aen )

Frida : We'? Du kreischs? Bereis de dei Schrött?

Anna : O nén, d'Dankbarkét wöllt och hirt Recht.
Frida : Scho gudd, t'ass alles an der Rei. Net dervun schwätzen!
J.Madeleine : Natirlech, vun allem wat d'Tatta Frida mecht duerf nit geschwat gin!
Anna : ( ganz härzlech zum Frida ) Wat wär aus mir gin, wan ech iech démols net op der Gare getraff hätt, we' ech mech als aremt dommt Kand, dat keng Elteren me' hat, we' blann an d'Geforen vun der Gro'sstadt werfe wollt. Villeicht wär ech u Leif a Se'l zu Gronn gangen!
J.Madeleine : Natirlech, we' eso' munscht anert Médchen och!
Anna : ( Firt mat Iwerzégong fort ) A wien huet mer dan de' gudd Platz bei Doktesch doiwer verschafft, wo' ech we' en égent Kand behandelt gof.
J.Madeleine : So' ass et richteg! An dovun dierf én bei der Tatta Frida guer net schwätzen.
Frida : Nén, t'ass net derwért!
J!Madeleine : Je, je! Alles wat d'Tatta Frida mecht huet ké Wert.-- Och net wat si.. awer ech duerf jo net dervu schwätzen, ech am mannsten!
Frida : ( spasseg an engems ass et der J.Madeleine iwer de Bak firt ) Nu kuck emol we' d'Joffer Madeleine sech an d'Geschirr werfe kann, t'sollt én et net soen!
J.Madeleine : Si huet ower och all Ursach derzo, et huet alles seng Grenzen, soguer d'Le'ft zu dén aneren. Zevill gudd ze sin ass och net gudd!
Lisette : ( könt zur Seit eran, et kreischt an t'hält d'Schirtech vrum Gesicht ) Ech gin haut nach fort!
J.Madeleine : Aha! d'Lisettchen huet eröm eng Ke'er Kome'di mat hinnen!
Frida : ( bero'egt et ) Je, je, t'wärt alt net eso' schlöm gewiescht sin!
Lisette : ( kreischt ) Dach, dach! si huet gesot ech wär... ech wär.... eng domm Gäns.... Ech gin haut nach fort!
J.Madeleine : ( lacht )
Frida : ( bero'egt et ) Né, Lisette, dat mechs du net. Lauschter emol. Denk un deng arem Mamm, wat si dir geschriwen huet, we' fro' dat si ass, dass du so' gudd hei opgehuewe bass!
J.Madeleine : Jo, Lisettchen, a we'nt enger dommer Gäns ( lacht hard ) ech mengen wan én emol domm Gäns genannt get, da brauch én nach net fortzelafen.
Lisette : Jo!.. awer d'Joffer Tilly an d'Joffer Ella hu mech och schon dachs domm Gäns vernannt!
Frida : Dat war net be's gemengt, bero'eg dech, mei Kand!
J.Madeleine : ( zum Lisette ) Jo, loss de' Al an de' Jong alé e bösschen knotren a granzen. Domm Gänsen gin et iwerall ( lacht ) An dan, Lisette, stés de jo net am Dingscht bei dénen ( weist verächtlech mam Daum no hannen mé bei wém? Hé? ( hölt d'Lisette mat béden Hänn )
Lisette : ( lacht a kuckt d'Frida ) Bei der Joffer Frida!
J.Madeleine ; Ma dat mengen ech och! ( neischnotzeg ) An de' ass gudd. An elo ge' nömmen, Gänschen! ( ste'sst d'Lisete lues no rechts eraus )
Frida : ( hölt d'Anna mat der Hand ) Pardon, Anna, also muer gés du an d'Klo'schter, an d'reit dech net, dé Schrött gemét ze hun?
Anna : ( ganz glécklech ) Bereien? Le'f Joffer! Mei Gott, ech sin eso' glécklech dat ech mech dem Herrgott lo ganz schenke kann zum Wuel vun den arme Kranken. A wien huet de' Wonsch a mir wakreg gemacht? Dir, le'f Joffer, dir ganz eleng, villeicht o'ni et ze wössen an o'ni Absicht. Ärt Beispil, är Le'ft zu dénen Armen, ärt gudd Härz, dat dir...
Frida : ( wenkt of ) T'ass scho gudd, mei Kand, wans de nömme glécklech göss, da sin ech reich belo'nt!
J.Madeleine : Dat bleiwt net aus! Well dat d'Anna glécklech ass, dat liest én aus sengen An ( schelmech ) Wär ech net schon so' eng al Gäns, ech kre'sch am Enn och nach Loscht an d'Klo'schter ze goen ( lacht härzlech )
Frida : So'? An ech? Wat gif ech dan o'ni meng le'f, gudd Joffer Madeleine ufänken?
J.Madeleine : ( lacht ) Bero'eg dech nömmen, d'Madeleine kan net liewen o'ni sei gudd Frida. Mir zwe' bleiwen wo' den Herrgott ons higestallt huet. Ech hun denger Mamm um Stierwbett versprach, dech ni ze verlo'ssen.

## 5. Szén

( D'Madame Schulz könt vu lenks eran )

M. Schulz : ( kreischt a mecht eng Verbeugong vrum Frida ) Verzeiht, wan ech ste'eren.

Frida : A wat get da Neis, Madame Schulz, wuerfir kreischt dir?

M. Schulz : Ons klengt Re'sschen, mei Kand, ass eso' krank, ech färten, stierwt ons nach, et verlangert eso' no der Tatta Frida, wöll dir et net mol besiche kommen? Dir wösst jo, we' glécklech et wor, wan dir seng Hännercher gehol an da mat him gebied huet, we' et dan eso' zefridden a ro'eg war a keng Peng me' gespuert huet.

Frida : O dat aremt Kand! Wat huet den Dokter da gesot?

M. Schulz : ( kreischt eröm ) En huet gesot, t'geng den Owend kaum erliewen. O mei Kand!

Frida : ( Hölt d'Madame Schulz bei der Hand ) Tre'scht iech, Madame Schulz. Den Herrgott hölleft schon. Ert Kand get e sche'nen Engel am Himmel a bied fir ons do uewen.

M. Schulz : We' sche'n dir én tre'schte könt! O mein aremt Kand!

Frida : ( lét d'Hänn op hir Schölleren ) Git elo ro'eg hém, Madame Schulz, ech komme gleich no.

M. Schulz : Den Herrgott soll iech et dausendmol vergelten! ( lenks of )

Frida : ( hölt d'Anna bei der Hand ) So' mengt le'ft Anna, nu ge' a Gottes Namen, Dei Schutzengel soll dech begléden. Muerge fre' sin ech op der Gare fir dir nach eng Ke'er ddi ze soen.

Anna : ( kne't vrum Frida ne'er ) Wan ech gelift, Joffer Frida, könt ech nach Äre Se'e kre'en, dé meng Mamm mir net me' ka gin?

Frida : ( ergraff ) Vun Härze gär, mei Kand ( lét him d'Hänn op de Kapp ) Den Herrgott soll dech op all denge We'e begléden ( zitt d'Anna vum Buedem ) Nu loss der et gudd goen, mei Kand! Addi bis muer! ( Gét se'er rechts of.

Anna : ( zum Madeleine ) O Madeleine, ass d'Frida net e richtigen Engel?

J.Madeleine : ( ganz gere'ert. ) Wirklech en Engel. Grad we' seng Mamm. Et liewt a stierwt nömme fir de' aner. An dobei ass alles wat e mecht a sengen Aen net wert, dat én dervu schwätzt. U sech selwer denkt et ni. Dat göt et net. Mé nu komm, Anna, loss mer goen. Ech gi nach e Stéck-Wéss mat dir. Da könne mer nach e bösschen schwätzen ( allen 2 lenks of )

<u>R I D E A U</u>.

## 2. A K T

D'Bühnebild ass eng Stiffchen we' am e'schten Akt. Um Dösch stin Tasen a Kaffisgeschir a Kuch. D'Tilly an d'Ella sötzen beim Dösch )

### <u>1. S z é n</u>

Ella : ( rosen ) Nén, du kanns mir soen wats de wölls, et ass net an der Rei datt d'Frida, wo' et schons di ganzen Zeit um Krankebett vun der aler Fra so muenech Nuecht gewacht huet, elo och nach mat der Leich gét, et ass onerhe'ert!

Tilly : ( lacht ) Allerdengs, mei goût ass et net. Ma we' sét de Latenger: De gustibus non est disputandum! De Franso'ss sét: A chacun son goût, oder we' de Letzeburger sét: Jidderén huet seng apart Ideen.

Ella : ( granzeg ) Loss deng domm Witzen, Tilly! Am E'scht, d'Mamma soll dem Frida dat é fir allemol verbidden!

Tilly : ( lacht ) Lommen E'falt! Verbidden! We' wan d'Frida sech an dém Punkt eppes vun der Mamm verbidde gif lo'ssen. A we' géf der Mamm duerzo e Recht? D'Frida ka mat sengem Geld mache wat et wöllt.-- Jo, Ella, du ver göss eso' licht, dat dem Frida seng Mamm, eisem Pappa seng e'scht Fra, d'Geld mat an d'Bestiednis bruecht huet, mir awer so' arm sin we' Kirchemeis!

Ella : ( granzeg ) Dat ass et jo grad, wat mir d'Liewen hei verbattert, dat mir alleguer vum Frida sengem Geld liewe mussen!

Tilly : ( e'scht ) Nun Ella, Loss mer net ongerecht an ondankbar sin. D'Frida ass en Engel, op alles wat d'Liewen him könt bidden huet et aus Le'ft zu ons verzicht. A, losse mer et ro'eg agestoen, et huet ons nach ni durch e Wuert oder e Bléck fille geloss, dat mer him alles ze verdanken hun, net?

Ella : ( get kleng bei ) Nujé, et ass jo eppes dohanner; nömmen, et gét vill ze vill weit a senger Le'ft zu dén aneren. Et werft sech jo ganz ewech. Et get sech vill ze vill mat den arme Leid of, dat passt sech net fir hat. D'ganz Stadt schwätzt vun him. Da gét et op d'Gare - et ass richteg onerhe'ert - de' arm Médercher ofhollen, sicht hinnen eng Platz a suergt duerfir, dass se brav a fromm ( mecht eng spöttech Min ) bleiwen. Da léft et an de' al Bracken, setz sech ganz Nuechten duerch un e Krankebett, schléft eng Onmass Geld an d'Wésenheiser, a Sonndes, wat ass dat eppes op onsem Schlass - huet et eng ganz Rötsch vun arme Kanner öm sech, dat gét ze weit, et gét engem richteg op de Mö!

Tilly : Nujé, et ass jo we' mer gesot hun, d'Frida gét seng ége We'er. Mei goût ass dat net. Den Armen get én al Joer engt Stéck Geld an domat basta! Allerdengs, et muss én et agestoen, et ass ze bewonneren, dat gudd Frida, an heiansdo könt é richteg neidesch gin, well et ömmer so' fro' an eso' gléckloch ass.

Ella : ( spöttesch ) Heielei! Am Enn kriss du och nawell Spass als fromm Joffer duerch d'Liewen ze gcen, oder so'guer als Nonn an d'Klo'schter anzetrieden Wat e sche'nt Bild! Dat ho'frecht Tilly als fromm Nonn mam Voile! Wonnerbar, nén, wat nach me' sche'n wir, als al Joffer mat engem bloe Bröll op der Nues, eng Stréck an der Hand, um Kapp eng weiss Hauf mat sche'ner Spetzt drun, a vun Zeit zu Zeit eng Schnauf geholl, wonnerbar!

Tilly : ( werft de Kapp zereck a lacht ) Nén, mei le'ft Dickelchen! Do kennst de mech awer nach schlecht. Ech wöll fir d'alleréscht d'Liewen gene'ssen - A propos, fir der e Beweis ze gin - soll ech dir eng Neiegkét soen?

Ella : ( verwonnert ) Uhhh! Do sin ech awer gespant we' en ale Prabli!

Tilly : Ech gin elo geschwönn fiance'ert.

Ella : ( nach me' erstaunt ) Ohh! Ges du fiance'ert? Mat wém? Wat fir e jonge Grof huet sech dan an dech verle'ft? Oder ass et an Enn nach me' eppes dichtiges?

Tilly : ( lacht ) Nén, et ass ké Baron a ké Grof oder soss én mat engem " de " virdrun. Mé en huet dat elei! ( weist mat de Fangern dat e vill Geld huet ) a vill dés hei. An dat ass et wat ech sichen! Merk der dat, meng Deiwchen. D'Geld eleng kan engem d'Liewe sche'n machen. O'ni Geld, all Baron'en a Grofentitelen ke' Wert hun!

Ella : Do kanns de recht hun. Mä, hues de hien da gären, Tilly? An hien dech?

Tilly : (iwermiddeg ) Hien mech? Hien huet mech rosegär, we' e sét. Ech hien? ( lacht verächtlech ) Dat ass en iwerwonnene Standpunkt, Ella. An onse Krésen get sech haut bestued o'ni Le'ft. Pe! Mat déne Gefillsduseleien kan é keng Scholden bezuelen! Praktech geduecht, mei Kand: beim Bestueden muss én sei Verstand gebrauchen, soss peiff ech engem drop. Mei Freier ass Millionär, d'Grofekro'n vun dénen Hären de Cherny muss nei verguld gin, hues de mech verstanen?

Ella : ( enttäuscht ) Ah, du bestueds dech nömmen mat sengem Geld, he? Dat wells du jo domat soen?

Tilly : ( lacht ) Jo, mengetwegen. Strenggeholl, jo, mä hien ass derbei awer kén iwele Jong. Et le'sst sech mat em liewen. A wan net, da gét eben jiddern sei Wé. D'Haptsach ass: en huet - so get gesot - zwo' bis drei Millio'nen. Dat ass schon eppes, mengs de net och?

Ella : ( e'scht ) Duerf ech wössen wien et ass ?

Tilly : ( geheimnisvoll ) Hues de dan d'lescht um Bål neischt anuecht geholl?

Ella : Du mengs dach net dén decke Fabrikshär, de Kuny, dén der eso' vill Reverenze gemét huet?

Tilly : ( lacht ) Du hues et geroden, grad dén!

Ella : An d'Mamm? Hues de hir schon eppes vun dengem Plang gesot?

Tilly : Ma gewess!

Ella : An dun?

Tilly : Si war ausser sech a wöllt glad neischt dervu wössen.

Ella : Dat hun ech mir geduecht. D'Mamma hält stark op hir Standese'er.

Tilly : ( verächtlech ) Wés de, Médchen, dat le'sst mech ganz kal. Ech si jo gro'ssjähreg a ka machen wat ech wöll. D'Mamm muss sech mat der Zeit dru gewinnen. Ech hoffen iwrigens, dass du alt e klengt Wiertchen bei der Mamm fir mech alés, net?

Ella : O gewess. Da musste awer och bei hir fir mech e klengt Wiertchen fale lossen!

Tilly : ( verwonnert ) We' ? Hues du dei verreckte Plang nach ömmer net opgin?

Ella : Nén. Ech dréme nömmen vu Glanz an E'er. D'ganz Welt soll mech applaude'ren. Ech well de' Fesselen, de' mech hei drécken, sprengen - ech well gee'ert, well frei an onofhängeg sin, soss stierwen ech!

Tilly : ( ésecht ) Gott ste' der bei. Ech muss allerdengs gestoen, du hues Talent derzo', mei Kand, als eng Bühnegre'sst eng Ke'er bewonnert a gefeiert ze gin an dir e gro'ssen Num ze machen! Deng wonnerbar Stömm, dei le'ft Gesicht, deng herrlech Gestalt, wat wöllt é me'? Awer, mein areat Ella! Fir ké Preis an der Welt get d'Mamm...

Ella : ( fällt him trotzeg an d'Ried ) Da machen ech et grad we's du. Ech gin o'ni hire Wöllen!

Tilly : ( denkt no' ) Dat wärt hir awer d'Härz briechen ( kuckt plötzlech erschreckt op d'Seit ) Ro'eg, lo könt d'Mamma! ( erhiewt sech an dréckt d'Ella no lenks ) Ge', mei Kand, ge'. Loss mech dir d'e'scht der Mamm mei Plang verroden!

Ella : ( iwerdéms ass et fort gét ) Vill Gléck! Vergiess och mech net ( lenks of )

## 4. S z é n

Comtesse: ( könt vu rechts eran ) Tilly!

Tilly : ( stét op a begre'sst se ganz affekte'ert ) Bonjour, Mamma, gut geschlof?

Comtesse: ( sötzt sech ) Ech si ganz verwonnert! Nodém wat geschter geschitt ass, hätt ech e ganz anere Gro'ss erwart, Tilly!

Tilly : ( mecht sech den Dommen ) Ech verstin dech net?

Comtesse: ( be'ss ) Du verste'ss mech net? Da muss ech scho me' deitlech schwätzen.

Tilly : Wat gelifft, Mamma!

Comtesse: Ech hätt erward, dass de, nodéms de mech geschter owend so' schwe'er blame'ert hues, mech öm Verzeiong gebieden häss. Awer duerfir bass du nach vill ze stolz!

Tilly : Ech verstin dech net, Mamma!

Comtesse: ( be'ss ) Kommödiantin, dés du bass. Da soen ech der elo klipp a klor. D'sollt én d'Comtesse Tilly vir eng Zeit lang engem Dokter aus dem Norenhaus zur Opsicht iwergin, well et sech net mat hirem Rang verdrét, fir se an eng Besserongsanstalt ze stichen!

Tilly : ( mecht sech nach ömmer den Dommen ) Du hues nit gudd geschlof, Mamma. Du bass eso' droleg!

Comtesse: ( erhiewt sech be'ss ) Lo' gét et awer duer, du onverschimtent Stéck, Du önnerstés dech och nach elo de Spott mat denger Mamm ze machen, nodéms de dech geschter owend durch dein onerhe'ert Benehmen, dengt Kokette'ren mam Fabrikant so' onstierwlech blame'ert hues!

Tilly : ( ro'eg ) Ah so'? Lo verstin ech. So'? Dat nennst du Kokette'eren, Mamma, so mol, duerf e Médchen net mat sengem Freier....

Comtesse: Bass du verreckt?

Tilly : ( firt ro'eg viran ) Ech denke net! Da lauschter emol, le'f Mamma! Ech hu wölles, mech mam Fabrikant Kuny ze fiance'eren!

Comtesse: ( jeitzt hard a le'sst sech an d'Fötel falen ) Mei Gott, hief Erbarmen mat mir ( schlét d'Hänn vrun d'Gesicht )

Tilly : ( héchelt Matléd ) Ech bieden dech, sief dach verstänneg, Mamma. Hues de da le'wer, wan deng Médercher sech als äl Jofferen bis zum Do'd hir Liewen verbatteren?

Comtesse: ( be'ss ) Hal de Mond! Wien huet dan dat gesot? Et wärt och nach önnert Eisesgleichen e Mann fir dech ze fanne sin!

Tilly : ( spöttesch ) Jo bestömmt! So' en adlegen Hongerlidder, en armen Här von so und so. E Grof von Habenichts un Brauche viel, un dém senger Seit ech mei Liewe lang de' selwecht Armut ze droen hätt, de' och ons Existenz so' verbattert ( ganz verbattert ) No baussen vill Firlefanz an dohém neischt we' Spueren an all méglech Manövren fir ons künstlech iwer Wasser ze halen.

Comtesse: Ech mengen d'Frida hätt bis elo nach ömmer duerfir gesuergt, dat weder dir nach dem Ella irgendeppes ofgangen ass.

Tilly : ( spöttesch ) Dat ass et jo grad, le'f Mamma, wat ech net me' erdroe kan. Ech losse mech net me' vum Frida fidderen. Ech wöll net me' länger vun senger Gnod a vun sengem Geld liewen. Ech erdroen et net me'. Ech muss eraus, t'ka kaschte wat et wöllt, eraus aus döser Sklaverei, an dér mer

alleguer schon eso' lang hu misse liewen. Ech wöll a muss können am Geld schwammen. Da ere'scht kan ech d'Liewe gene'ssen an ech brauch net ömmer ze rechnen op et och duer gét!

Comtesse : Jé, jé, schum dech, du agebild Stéck. Du bass net wert dei Numm ze droen. Kennst du da ke' gre'ssert Ideal we' Geld an Amusement?

Tilly : Pardon, Mamma, wan ech dech froe muss: Wien huet mech dan eso' erzugen? Wir ech eso' fromm we' d'Frida, da géfe mer vleicht aner Idealer virschwiewen. Ma ech sin nun eben we' ech sin a wés du mech erzugen hues!

Comtesse : Mei Gott!

Tilly : ( bessche me' wéch ) Huel d'Säch net eso' tragesch, Mamma! Wät ass dan eso' Schreckleches derbei, wan dong Duechter e Millionär als Man kritt? Den Här Kuny ass e ganz nette, le'we Jong! ( et lacht ) An dan och nach! No der Hochzeit gi mer him en adlege Numm. D'Geld ass jo do. A wé wéss. vleicht huet spe'der engt vun onse Kanner d'E'er sech Comte de Charny ze nennen. - ( iwermiddeg ) Ha! Denk der emol, e Comte de Charny, als Millionär. Ass dat net sche'n, Mamma? Dat get onser Grofekro'n ere'scht de richtige Glanz, mengste net?

Comtesse : ( stét op ) Mei Gott! Mei Gott! wat hun ech gemét? O Frida, höllef mer. Jo, ech gin bei d'Frida, hat hölleft mer, hat muss mer höllefen, dech ze retten.

Tilly : ( stét och op ) Dat kanns de önnerlossen, Mamma. U mengem Plang ass neischt me' ze änneren. Ech hu mei lescht Wuert geschwat!

Comtesse : ( kacht vu Roserei ) Gudd! Da ge' ( weist mat der Hand zur Dir ) awer mat mengem Fluch! ( rechts of )

Tilly : ( léft hir no ) Öm Gotteswöllen, Mamma! Huel de' Fluch zreck ( och rechts of )

4. S z é n

( Lisette trött vun der selwechter Seit op )

Lisette : Wat ass haut dan hei eröm lass? So' gét et an engem fort wan d'Frida net dohém ass, da leien se sech ömmer an den Hoer. Si si jo ower och grad de Gégendél vun der Joffer Frida. Si ömmer léf a fröndlech, dé do behandlen én, wé wan én hire Sklav wir a kucken én vun uewen erof we' wan én vun der Heck gepleckt wir? ( verächtlech ) Si hun et och ne'deg, de' do, we' wan net d'ganz Welt we'sst vu wiem sengem Geld se liewen. D'Joffer Frida huet d'Souen an si...? liewen nömmen vun hirer Gnod ( et geseit de Kuch an esst e Stéck dervun ) Hm! net schlecht! ( knät ) Wat sollen se nömmen matenén gehat hun? De' Al huet d'Dir zo'geschloen an ass am Haus dorömmer gerannt we' eng wöll Ktz. An d'Joffer Tilly hat e Kapp so' ro't we' e ro'send Schnuddelhung. An d'Ella ere'scht. Et kuckt, we' wan et én wöllt friessen.

5. S z é n

( vu lenks könt d'Frida eran am Arm dem Lisette seng Mamm )

Frida : Da kuck emol, Lisette, wien ech der hei matbrengen!

Lisette : ( ganz verwonnert ) Mei Gott!! Dat ass jo... meng Mamm ( schlét d'Hänn zesummen ) O nén, we' kenns du heihin? T'ass dach secher neischt geschitt? ( hölt se bei der Hand )

M. Mohr : ( ergraff ) O nén, Kand, ech hun eso' no dir verlangert, ech wollt nömme wössen we' et dir geng goen.

Lisette : ( lét hir zärtlech den Arm öm den Hals ) Mei Gott, an du hues de' ganze lange Wé zu Fo'ss gemét?

M. Mohr : ( se'leg ) Dat ass neischt! Ech si nömmen fro' dass et dir eso' gudd gét. Denk der emol, ech hat Angscht fir an d'Schlass ze kommen. Duerfir hun ech mech donidden virun der gro'sser Part op d'Bänk gesat. Du kom de' le'f, fei Joffer grad ( weist op d'Frida ) an huet gefrot wo' ech hiwöllt. An dun hun ech hir et gesot, a stell der vir, mei Kand, si huet mech einfach an den Arm geholl an heihin gefe'ert!

Lisette : ( ganz le'f zum Frida ) Dat ass ze vill sche'n, Joffer Frida. We' le'f vun ärer Seit. Den Herrgott soll iech et dausenmol vergelten!

Frida : ( wiert of ) T'ass scho gudd. Wat hues du eng gudd Mamm, Lisette. Si mecht fir dech dé weide Wé zu Fo'ss an ass nun iwerglécklech, dass de gudd hei opgehuewe bass. Duerfir musst du hir ömmer Fréd machen. Si verdingt et!

Lisette : ( kreischt ) Dat wöll ech ömmer machen, Joffer! O, sid nömmen ömmer streng mat mir. O ech ge'f so' gär...

Frida : ( lacht an hémelt seng Backen ) T'ass scho gudd! Nu komm! Deng Mamm ass midd, mir huelen se mat eran, an dan serve'ers du si ( hölt d'Madame Mohr beim Arm ) Haut bass de frei, a bleiws bei denger Mamm, du kanns hir d'ganzt Haus weisen!

Lisette : ( hölt d'Mamm an den Arem ) O, Mamm, wat e Gléck, dat den Herrgott mech heihin gefe'ert huet!

M.Mohr : ( ganz gere'ert ) Jo, jo! T'ass woer. Den Herrgott huet mei Gebied erhe'ert!

<u>R I D E A U</u>

## 3. A K T .

( Ongefe'er 6 Joer me' spe't. Eng fei miwle'ert Zömmer am Haus vum Fabrikant Kuny )

Lisette : ( stöpst d'Miwelen of ) Mei Gott, ass dat e Liewen hei an dösem Haus! D'Madame vum Haus göt Fest iwer Fest, empfänkt a mecht Visiten a werft d'Geld mat vollen Hänn zur Fenster eraus. An hien! Dén armen Här, sötzt Dag a Nuecht a sengem Büro, rechend, schreiwt an zielt - a kuckt dobei so' deischter dran, besonnesch an der letzter Zeit - et könt é sech bal virun him fàrten, wan et net eso' e gudhärzege Mann wier ( sötzt sech an d'Fōtel ) D'Mädämchen, de' mecht et jo och démno. D'ganz Joer kritt en awer och net é fröndlecht Wuert. Wan hien dat Kand net hätt, sei klengt Rita, da wär dén armen Här scho lang gestuerwen. A we' dat Kand u sengem Papp hänkt, eso' eppes get et net me'. Dat aremt Kand, et spiert et jo, dass seng Mamm et net gären huet. Si kan et net ausstoen, well et ke' Jong ass, a well et grad him eso' gleicht a net hir! Si nennt et ömmer nömmen " Tŏtz " a kan et net öm sech gesin, well se vun sengem Gebabbels " Migräne " kritt ( lacht ) Wan s'an den Theater gét an d'ganz Nuecht Bāl hat, da kritt se d'Migräne net, nömme wan se hirem arme Mann an hirem Kand e bössche Gesellschaft hale soll - dan ass et hir net gudd ( stét op a stöpst virun ) Eppes nömme wonnert mech, dass dat se lo net me' kno'tert wan ech d'Kand mat bei d'Tatta Frida huelen. Ufangs wollt se dat partout net hun, dun hun ech hir awer richt eraus dat hei gesot: An zwo' Sachen. le'f Madame, lossen ech mir net draschwätzen, a meng Religio'n an d'Tatta Frida, meng zwét Mamm! Dat hat gewierkt. Si ka mech nämlech net entbieren, well ként sech hire Launen eso' upasse kann we' d'Lisettchen! ( stolz ) An d'Kand ere'scht, dat klengt Rita, dat göt et net me', we' dat u senger " Datta " hengt! (kleng Paus ) Wat mech ugét, so' wier ech jo vill le'wer bei der Joffer Frida bliwen. Well se ower selwer so' ugehalen huet, fir matzegoen : We' wéss, Lisette, so' sot se, kanns de spe'der dem armen Tilly vu gro'ssem Notze sin, an dun hun ech nogin, si selwer, d'Madame, huet jo zenter hirer Hochzeit hirt Haus net me' betrueden, obschon dat gudd Frida alles probe'ert huet, fir se mat hirer Mamm auszeschnen. De' arem Comtesse! Mei Gott! Si huet sech scho blann gekrasch öm hir zwe' Médercher. Elo geseit se endlech an wat se um Frida huet.

<u>2. S z é n</u>

Rita : ( ongefe'er 4 Joer al, könt durch d'möttels Dir eran, eng Popp am Arm ) So', le'f Detta! di mer haut net bei Datta Frida?

Lisette : ( kösst dat Klengt ) Hätt net, mei Kand!

Rita : Wuerfir da net? Ech de'f hir eso' d..r meng Popp weisen!

Lisette : ( hölt d'Popp ) Ei, a wo' hues du de' sche' Popp kritt?

Rita : De Pappa huet mer de' dester matdebruecht, De' tan och sloven, Detta!

Lisette : Ei, nu kuck emol do, de' ass ower sche'n. Has de dem Papp dan och le'f merci gesot?

Rita : ( traureg ) Jo.. Mä de Pappa huet detrasch.. an en huet mech danz vill dekusst .. an huet desot: Bied vill, mei le'ft Tant, fir dei Pappa an deng Mamma.

Lisette : ( e'scht ) So'! Huet hie gekrasch?

Rita : Detta, wuerfir treischt de Pappa dan eso' vill? Tomm, mir din bei d'Tatta Frida a bei d'Boma.

## 3. S z é n

( D'Tilly könt durch d'Möttelsdir eran )

Tilly : Lisette, ass mei Man nach net eröm?

Lisette : Né, Madame! ( zum Rita ) Ge', so der Mamma sche' gudde Muergen.

Rita : Dudde Muergen, le'f Mamma!

Tilly : ( béckt sech ganz kal zum Kand erof a kösst et op d'Stir ) Wien huet dir dan de' sche'n Popp gin?

Rita : De.. de Pappa huet mer se dester matdebruecht!

Tilly : ( granzeg ) So! so! We'ne soll dat domm Dengen dan emol richteg schwätze le'eren? ( fir sech ) t'ass sein zwéte Porträt! So' steif, so' plpmp an so' blöd we' dén Alen.

Lisette : Pardon, Madame, d'Kand ste'sst sech nömmen heiansdo, dat vergét mat der Zeit. An sengem Alter machen d'Kanner dat alleguer.

Rita : ( lauschtert net mä spillt mat der Popp, da sét et zur Mamm ) Mamma, wuerfir treischt de Pappa ömmer?

Tilly : ( le'sst sech ongedölleg an d'Fotell falen, zum Lisette ) Huel mer de' Ploge'scht ewech, t'mecht én jo ganz nervös mat sengem Gemauls. A wa mei Man erömkönt, da sot him, ech ging gäre mat him schwätzen!

Lisette : We' d'Madame et wönscht ( hölt d'Kand bei der Hand a gét lenks of )

## 4. S z é n

Tilly : ( katzeg ) Gekrasch! Dat gleicht him, dé Pharisäer. E sche'ne Man! - sötzt sech bei d'Kand an hault ewe' eng Madle'n. Mei Gott, we' kont ech eso' blann sin! Wat hun ech nömme gemét? ( schluchzt ) O Frida, hätt ech dir nömmen gegle'ft a gefollecht. We' recht has du, we's de mir sos, das Geld a Reichtom net d'Gléck am Bestiednis ausmachen, dass d'Geld an all Fréde vun der Welt dat aremt Härz net könte glécklech machen. O Mamm! o Mamm, we' schrecklech ass dé Fluch, déns de mir a mei Bestiednis matgin hues, an Erföllong gangen ( ganz opgeregt, stét op ) Nén, du solls net iwer mech triumphe'eren, de' Fréd, mech vrun dir op de Kne'en ze gesin, solls du net hun! ( me' roeg ) Nach ass net alles verluer! Oder vleicht dach? - Wuerfir huet hien gekrasch!? Wuerfir gét hien a leschter Zeit so' gebéckt an verste'ert doruechter? Dén arme Mönsch! En huet mech gären ( me' wéch ) sot e mir so' oft, huet mech rosegären, mech! an ech machen de Spott mat der Le'ft, verueчhten hien! ( kleng Paus ) Mei Gott, we' ass alles so' anescht ko'm, we' ech et gedrémt hat.. Vleicht ass et eng gerecht Strof vum Herrgott ( lacht spöttesch ) Wat? Eng Strof vum Herrgott? Göt et dan iwerhapt en Herrgott? En Herrgott, dén sech öm de' armse'leg Kreaturen op döser Welt bekömmert? Nén, ech, ech gléwen net un hien! ( Paus- dan e'scht a besuergt ) Stét et da wirklech eso' schlecht öm hien? A leschter Zeit huet e ganz ongeheier Zommen durch e Bankrott vun enger Bank verluer ( lichtsönneg ) T'ass dach lächerlech! D'Firma Kuny sötzt vill ze fest am Suedel fir dar se mat eso' Klengegkéten ... mä.... ( hält plötzlech op ) We' kommen ech nömmen haut op eso' Dommhéten? Hat dem Ella sei Bre'f...? Dat aremt Kand!.. Och hat huet sech geirt. We' kurz war de' sche'nen Dram vu Glanz an E'er!..Krank?.. O we' schrecklech... et wir krank, so' schreiwt et mer elo grad vu Pareis.. Dat aremt Kand! So' jonk scho Witfra a we' et schengt, huet et mat sengem Kand allerle' No't ze leiden. T'ass natirlech vill ze stolz, fir sech dat anzegeston an ech gléwen, et géng le' wer vun Honger stierwen, we'...( hält plötzlech op ) Sin ech da net schold u sengem Ongléck?.. Ech?.. We' dan? T'huet et jo so' gewollt! Ech hätt et dach vleicht warne sollen...

## 5. S z é n

Lisette : ( könt vu lenks eran mat engem Telegramm an der Hand ) Madame, en Telegramm vu Bre'ssel!

Tilly : ( erfe'ert ) En Telegramm! Vu Bre'ssel! Mei Gott! ( greift hurteg derno) Géf heihin ( E'er se den Telegramm opmecht sét se zum Lisette, dat an der Dir stoe bliwen ass ) Mach dech ewech! ( Lisette of )
Nodém d'Tilly den Telegramm opgemet a gelies huet ) Schrecklech! Onme'glech! E Schlag! Mein arme Man! Vleicht ass e schon do'd! Nén, nén, ech kan et net gléwen ( kuckt ganz verste'ert rondöm a liest ömmer röm den

Telegramm ) Dach! hei stét et geschriwen ( liest ) Bitte gleich kommen! Herr Kuny, Schlaganfall! Sehr ernst..Grosse Verluste im Geschäft ! Bankerott unvermeidlich. Meier ( stét op ) Nu gudd! Et sief! Tilly, bleiw stark ( gét durch d'Köttelsdir fort, den Telgramm ass op de Buedem gefall)

6. S z é n

( D'Rita könt vu rechts eran )

Rita : Lo tan ech et ( rifft ) Detta! Deäta! ( kuckt rondöm ) Ass net do! Lo tan ech et awer dutt, d'Tatta Frida lo fro' ass ( kuckt eröm öm sech ) Wo' nömmen Detta ass?- T'muss mat mir bei Tatta Frida doen. Ech tan lo mein Debiedchen dudd, danz dudd ( bied ) Die Eltern auch befehl ich dir
Behüte,lieber Dott si mir,
Verdillt o Herr, weil ichs nicht tann
Das Dute, das si mir detan!

( Et geseit den Telegramm um Buedem leien an t'hiewt en op )
Wat ass dat? Engt Bildchen? Tann ech et liesen?

Lisette : ( könt vu lenks eran ) Dat ass jo! Rita, wölls de net bei d'Tatta Frida goen?

Rita : ( frédeg ) Dach, dach, ech soen hir mengt Debiedchen, Detta. Ech tan et du(

Lisette : ( geseit den Telegramm ) Weiss emol hier ! ( liest, le'sst dan den Telegramm falen a jeitzt hard ) O Gott! Dan ass et ower wo'er!

Rita : Wat ass dan, Detta, wuerfir treischs du?

Lisette : ( hölt dat Klengt an den Arem a kösst et schluchzend ) O, du aremt Kand!

Rita : War Rita da net brav? Ech ta jo mein Debiedchen dud. Soll ech et emol soen, Detta? Ech tan et danz dut ( bied ewe' uewen ) Die Eltern usw.

Lisette : ( touche'ert ) Jo', bied vill fir dei Pappa a fir deng Mamma! Den Herrgott soll der se nach lang erhalen ( kreischt fir sech ) We' wärt set erdroen? Arem Fra! O mein armen Här! Wär dach d'Joffer Frida hei. Ech schécken direkt én se sichen. Si eleng, dén Engel, kan hei tre'schten. O Gott ( zum Rita ) Ech komme gleich eröm, Kand, da gi mer bei d'Tatta Frida. Lo bass de ganz brav, so' alt dei Gebiedchen op ( lenks of )

Rita : ( sötzt sech mat dem Telgramm rechts zur Seit op den Teppech a mecht we' wan et geng liesen ) Die Eltern auch usw

7. S z é n

( I'Tilly könt durch d'Köttelsdir eran eng Fläschelche mat Göft an der Hand. Et kuckt ganz verste'ert dran, kuckt a starrt öm sech o'ni d'Rita ze gesin )

Tilly : Et sief! Elo nömme keng Schwächt gewisen. An e puer Sekunden ass et geschitt! ( Rita kuckt ganz ängstlech op seng Mamm, t'ass ower nit so' king fir ze schwätzen )
Ech soll färten? Wat?..färten?.. Wat?.. Wuerfir komme mir elo Erönnerongen aus menge Kannerjoeren? Gott?.. ( lacht spöttesch ) Et göt jo kén Herrgott!.. Eng Häll?.. Eng E'wegkét?... Kannereien!.. Dat wär e Mord? .. Ech nennen et Heldentom!.. Ech hu meng Roll ausgespillt.. Ech ka net liewen o'ni Geld an o'ni..( hält d'Fläschelchen un d'Löpsen drenkt ower net ) Vernichtung! E'weg gruseleg Nuecht... O entsetzlech!... Wat? Feighét? Courage!.. Virun!.. T'ass gleich geschitt!... Wet hält mech zreck?.. Mei Kand? Ech hat et ni gär! An dach: t'ass mei Kand! Soll ech et we' e We'sekand ganz eleng.. an arem.. an döser schlechter Welt zrecklossen?... Ech gin him och vun dösem se'ssen Dronk ze schmachen! ( jeitzt hard ) O Gott!.. Mei Kand vergöften!... Mat engem dreifache Mord! soll ech virun den Herrgott hintrieden... Gott?.. Et get jo kén Herrgott! Wan et awer é géf! ( Paus ) Sin ech net och u sengem Do'd schölleg? Dén arme Mönsch! En hat mech eso' gär! Hun ech hien net eso' weit bruecht??? Vielleciht?.. O Frida, Frida! Wier ech we's du, so' fromm, so' gutt, o Frida, hölle f! ( kreischt ) Ech gi bei hat. Hat wärt mech tre'schten... Awer nén... et ass ze spe't.. et sief.. Nömme courage ( an dém Moment wo' et d'Fläschelchen un de Mond setzt, kreischt d'Rita a sét )

Rita : Wuerfir kreischs de, Mamma?

Tilly : ( kuckt erfe'ert op ) Ha!.. Wat war dat?.. Rita! Kand, wat mechs du hei?

Rita : ( verscho'tert ) Ech wöll jo brav sin, Mamma. Sief net be'ss! D'Rita ass fro' mat der Mamma, ganz fro'

Tilly : ( we'ch an touche'ert ) We', Kand, bass du fro' mat mir?

Rita : O jo, Mamma, danz fro' an de Pappa och.All Dag bieden ech fir de Pappa an d'Mamma'

Tilly : We' Rita, le'ft Kand, kanns du da bieden?

Rita : O jo, Mamma, d'Rita dutt ta bieden, danz cutt!

Tilly : Wien huet dech da gele'ert bieden?

Rita : D'Tatta Frida!

Tilly : ( ganz ergraff ) We', d'Tatta Frida?

Rita : ( ömmer me' zutraulech ) Jo, an och d'Detta. Tatta Frida sét ömmer, Rita vill misst bieden fir de Pappa an fir d'Mamma, an t'muss se danz där hun!

Tilly : ( fir sech ) O du Engel!

Rita : Ech tann engt sche'nt Debiedchen, Mamma, soll ech dir et emol soen? Ech tann et danz dutt.

Tilly : ( kösst d'Rita leidenschaftlech ) Jo, mei le'ft Kand, bied, bied!

Rita : ( falt seng Hännercher a bied ) Die Eltern auch befehl ich dir etc.

Tilly : ( kreischt ) O we' sche'n ( dan cnro'eg an opgeregt ) Komm, Rita, ge' elo bei d'Detta! ( fe'ert et durch d'Möttelsdir aus a kösst et nach eng-Ke'er leidenschaftlech )

Rita : Mamma, net me' treischen! ( durch d'Möttelsdir fort )

Tilly : ( presst d'Hänn widerenén ) O, Gott! Könt ech nach bieden.. un dech gle'wen, op dech vertrauen!... O Frida, bied fir mei Kand, dass den Herrgott, dein Herrgott, déns du so gären hues, him sei Kannerglaw erhale soll, dat et dach net, we' seng Mamm, seng arem Mamm, am Blannen dorömmer taschte muss an eng Ke'er we' si...... ( sötzt sech an hält d'Hänn vrun d'Gesicht ( No enger klenger Paus sprengt se op ) O Mamm, we' deischter! Ass dat der Do'd? Sin dat d'Qaulen vun der Häll? Spiren ech hirt Feier schon a mir? Gewössensböss?... Ass dat Rei?... Nén.. et ass d'Verzweifelong! We'.. ech liewen nach?.. Wue fir machen ech dér Peng da kén Enn?.. Et sief!.. E kurzen Do'deskampf, dann ass et eriwer. Eriwer fir ömmer!.. Courage! ( Währeddém et d'Fläschelchen usetzt fir ze drenken, könt vun der lenker Seit d'Frida eragelaf, a reisst öm d'Fläsch aus der Hand )

Frida : Öm Gotteswöllen! Tilly, wat mechs du do?

Tilly : ( fällt op e Stull, schlét d'Hänn virun d'Gesicht a kreischt ) O Frida, Frida, hal dech vu mir ewech. Beschmotz deng helleg Hänn net un enger Verbriecherin!.. Ge', Frida, loss mech eleng!

Frida : ( ömärbelt a kösst d'Tilly ) Mein aremt, aremt Kand!.. Sief stark. Den Herrgott werd dech net verlo'ssen. Du muss op hien vertrauen!

Tilly : ( kuckt net op a kreischt virun ) O Frida!.. göt et dan en Herrgott? de' mech kan so' grausam, hues de schon he'eren we' grausam kan hémsichen!.. Mein arme Man ass do'd!.. An ech sin elo arem, so' arem dass ech muss...

Frida : O Tilly, versöndeg dech net un onser Herrgott. Hien ass net grausam, nén, gudd ass hien, onendlech gudd... a well hien eso' gudd ass, well hien dech eso' gären huet, duerfir huet en dech gestroft. Well hien dech op en anere We' fe'ere wollt, duerfir huet en dir de' Wonne geschlon!

Tilly : ( kreischt ) Ne' Frida, ech sin ze schlecht. Den Herrgott ka mir net verzeien ( fällt virun d'Frida op d'Kne'en ) O Frida, löss mech meng Schold virun dir bekennen! Ech wöll dir alles gestoen, alles...... an da wöll ech stierwen! O Frida, ech si Schold u sengem Do'd! O mein arme Man! Ech hun en an den Do'd gedriwen. An ech... o Frida... ech wollt och mei Kand vergöffen an da mech selwer! He'ers de, Frida! Ech.. eng Verbriecherin! Eng Mierderin!...

Frida : ( hieft d'Tilly an d'Lucht, ganz douce ) Courage, mei Kand. Du därfs net verzoen: Den Herrgott ass barmhierzeg, en huet eso' guer dem Schächer nach un Kreiz verzien. Wuerfir sollt e net och dir verzeihen? Hief Courage a Vertrauen, Tilly!

Tilly : ( werft sech dem Frida an d'Arm ) O mei gudden Engel, Frida! Wan den Herrgott so' gudd an so' barmhierzeg ass we's du, da sin ech net versto'ss, da kan ech nach hoffen, da sin ech net verdammt...

Frida : Né, mei Kand, hien ass d'Guddhét selwer!

Tilly : O Herrgott, verzeih!....

R I D E A U

## 4. A K T .

( 1 Joer me' spe'd, zu Bre'ssel an engem armen Zömmer . An der Mött en Dösch, doru sötzt d'Ella, Madame de Barry. Si ass schwarz, me' ganz arem gekle'd, geseit krank a bléch aus a steipt de Kapp op d'Hand. Rechts, me' no vir sötzt d'Lina, dem Ella sei klengt Médchen a spillt mat enger aler Popp )

Lina : ( he'ert seng Mamm kreischen, gét bei se a sét ganz le'f ) Du därfs net ömmer ze kreischen, Mamma, d'le'ft Chröstköndchen könt ganz secher!

Ella : ( batter ) O nén, mei Kand, d'Chröstköndchen gét nömmen bei de' reich Leit. Mir sin Arem, ganz arem, bei ons könt et dös Joer net, ge' du nu schlofen!

Lina : ( biedelt ) O le'f Mamma, losse mer nach e bössche warden. Ech we'ss ganz bestömmt dass d'Chröstköndchen könt!

Ella : ( verwonnert ) A we' dat? We' kenns du dorun?

Lina : Gös du dan och net be'ss wan ech dir et soen?

Ella : ( e bösschen onwölleg ) Erziel hurteg, we' ass dat?

Lina : ( verschotert ) Ech hun dem Chröstköndchen e Bre'f geschriwen an hun e göschter an d'Kirech gedron!

Ella : ( kreischt a lét dem Lina d'Hand op de Kapp ) Aremt Kand !

Lina : ( firt virun ) Ech hun de Bre'f op den Altoer geluegt, do wo' de Gotti wunt. Hie schéckt d'Chröschtköndchen schon, geldu!

Ella : ( hölt dat Klengt an den Arem ) O du aremt Kand. Könt ech nömmen eso'. bieden we's du, mat eso' engem Vertrauen!

Lina : ( lauschtert ) Lauschter, elo huet et geschellt ( frédeg ) elo könt d'Chröst köndchen!.. lauschter!

Ella : (ganz opgeregt, verkrampft d'Hänn anenén ) Ech kan et net me' erdroen! ( höl d'Lina bei der Hand ) Nu sief brav a ge' schlofen. Wan d'Chröstköndche könt, da machen ech dech wakreg.

Lina : ( kreischt ) Mamma, nén, nömme nach e bösschen opbleiwen! Et könt ganz secher

Ella : ( streng ) Haut net me'. Komm! ( si fe'ert d'Kand, dat lues kreischt lenks an d'Zömmer a könt geschwön drop eröm zereck. Schmierzlech!) O grerechten Herrgott, du strofs mech hard ( le'sst sech ganz gebrach op e Stull falen ) O, aus Le'ft zu mengem Kand, lo'ss mech net verzweivlen. so' de'f hun ech mech vrun dir gedemütegt a mei Stolz gebrach.. ech hun dem Frida geschriwen a voll Rei virun dir an him meng Schold bekannt. Du kans an darfs mech net elo zu Gronn goe lossen ( hiewt d'Hänn zum Gebied ) O erhe'er mech an denger Barmhierzegkét! ( e we'neg me' roeg ) Wuerfir soll d'Frida mir net schreiwen? Huet e vleicht mei leschte Bre'f net kritt, oder soll et sech menger schummen a mech versto'ssen?Nén, nén, a wan se och all, soguer den Herrgott, neischt me' vu mer wösse wöllen, d'Frida, nén, hat verste'sst mech net, obschon ech et verdingt. O mei Stolz, mei onbändege Stolz! ... We' hat et mir dach dat lescht Joer, no der Mamm hirem Do'd so' le'f geschriwen, ech soll dach mat mengem Kand bei hat kommen ( schlét voll Schmierz d'Hänn anenén ) O Tilly, aremt Kand! Och du hues dech geirrt. Awer du has d'Gléck, um Stierwbett vun onser gudder Mamm ze stoen, dech mat hir auszesöhnen.

### 2. S z é n

( Durch d'Mötteldir könt d'Madame Rolly eran )

M.Rolly: ( voll Fréd ) Pardon, Madame, ech hun e Begier, dén dir mir um Hellegen Owend bestömmt net ofschlot!

Ella : ( stét op a wöscht sech d'Tre'nen aus dem Aen ) Wat ass äre Begier?

M.Rolly: Meng Kanner lossen iech bieden, mat ärem Klengen un onser Chröschtfeier délzehuelen!

Lina : ( könt aus dem Zömmer ) Mammi, wor d'Chröstköndchen do?

M.Rolly: ( hölt d'Lina bei der Hand ) Jo, mei Kand, d'Chröschtköndchen war elo grad do enne bei ons. Et huet och e Bémche fir dech geröscht!

Lina : ( hölt seng Mamm voll Fréd bei der Hand ) Geseis de, Mamma, ech hu jo gesot d'Chröschtköndche ke'm.. komm! komm!

M.Rolly: ( drängt d'Ella zur Mötteldir eraus ) Ech bieden Iech, macht ärem Kand de' Fréd! ( allen drei of )

### 3. S z é n

Vun der rechter Seit eran kommen d'Joffer Madeleine, mat engem geröschte Bémchen an d'Lisette mat enger Döschnappe önnert dem Arem.

J.Madeleine : ( frédeg ) An elo hurteg den Dösch gedeckt, Lisette!
Lisette : ( während et den Dösch deckt ) Ech ziccere vun Oprégong. Wat göt dat e frédegt Erömgesinn, hurteg de Chröstbémchen op den Dösch!
J.Madèleine : An dan d'Kärzen drun ( mecht Kärzen drun )
Lisette : ( ferdeg ) Ech huelen och de' aner Sachen eran ( gét rechts fort a brengt allerlé Geschenker mat )
J.Madeleine : ( während se um Bémchen schafft ) Wat e Gléck, dat onst gudd Anna, ( lacht a schlét sech op d'Stir ) nén, et héscht jo lo net me' Anna, et héscht - héscht - ech mengen t'ass Schwester Magna. Das si awer och de Bre'f fond huet, soss hätte mir nach lang siche können, we' wonnerbar dach den Herrgott alles lét! ( zum Lisette, dat Geschenker önnert de Bémchen lét ) Nun, bass de bal ferdeg?
Lisette : ( eifreg ) Nömme nach de' zwo' Poppekutschen. Wat wärden de' zwe' Me' dercher fro' sin ( gét hurteg rechts fort )
J.Madeleine : Dat göt e sche'ne Chröschtowend! Nén, so' eppes brengt nömmen d'Frida ferdeg. An alles wat e ufänkt, gléckt em och gleich ( zum Liseete, dat mat enger Poppekutsch könt ) Ah, do ass jo schons eng!
Liseete : ( firt mat der Kutsch önnert de Bémchen ) Jo, a nun nach de' aner ( for
J.Madeleine : We' gesot, d'Frida ass en Engel we' et kén zwe'ten me' op dem Ierdbuede göt. Et gét de' Krank besichen, an do bege'nt et durch Zo'fall, nén, durch Gottes Fügong, de' gudd Schwester Anna ( verbessert sech ) nén, et héscht jo net me' Anna, we' héscht et dach nömmen? Mat dém Latein kommen ech ni zuwé! ( zum Lisette, dat mat der anerer Kutsch era könt ) Hues de dan elo bal alles, Lisette?
Lisette : Jo, nach é Pack!
J.Madeleine : Dan tommel dech, soss kommen se nach e'er mir färdeg sin (Liseete of ) T'ass wirklech e Wonner, dass d'Kand de' Bre'f grad an d'Kirech gedron, wo' d'Schwester Anna ( lacht ) We' kan awer eso' eppes me'glech sin? Si héscht jo Schwester ( bedenkt sech ) - Schwester Magna, richteg! richteg!
Lisette : ( könt mat engem Pack ) So', endlech. An elo, nach hurteg dat do ausgepackt! ( hölt aus dem Pack allerlé Sachen, Pelzer, Spillsachen, a.s.w a lét se önnert de Bémchen ) O Joffer Madeleine, wat ass dat eng Fréd do önnen!

## 4. S z é n

Schwester : ( könt lenks zur Dir eran a strahlt vu Fréd ) War d'Chröstköndchen nun do? O we' sche'n! Da gitt och elo of, si warden donidden op iech.
J.Madeleine : ( hölt Schwester Magna zärtlech bei der Hand ) O le'f Schwester Anna. O mei Gott.. elo hun ech äre Schwesterenumm jo eröm vergiess.-
Sch. Magna : Ech héschen Schwester Magna, le'ft Madeleine!
J.Madeleine : Jo, jo! Ech wéss, ech mengen, ech misst nach ömmer Anna soen!
Sch. Magna : Kommt.- Dat aremt Ella ge'f iech gären bonjour soen.( J.Mad. an Lisette rechts of ) We' wärt dat Klengt sech verwonneren, wan et geseit, dat alles him geschenkt go'f, wat et sech am Bre'f vum Chröschtköndchen gewònscht hat. Le'wen Herrgott, we' gudd bass du, we' wonnerbar sin deng We'en. Wien hätt jé geduecht, dass mir ons eso' hei eröm fanne ge'fen? War et net eng wonnerbar Fügong vun dir? dat grad ech dem Kand sei Bre'f an der Kirech fond hun an dat ech eso' der Joffer Frida vergelte kont, wat si emol u mir armem We'sekand gedoen huet! O Gott, ech soen dir merci, we' belo'nst du schon heinidden so kinneglech, wat deng Kenner dir zu Le'ft machen! ( hält plötzlech op ) Elo hätt ech nach bal eppes vergiess! ( hölt e Bre'f aus der Täsch a le't en önnert de Chröschtbémchen ) E Bre'f vum Chröschtköndchen fir d'Lina. Wat wärt dat Kand sech fre'en ( An elo sollen se nömme kommen ! ( gét durch d'Möttelsdir fort )

## 5. S z é n

( D'Frida, d'Ella an d'Tilly kommen noenén vun der rechter Seit eran. D'Ella huet d'Hand öm dem Frida seng Schöllere geluegt. D'Tilly hält d'Frida bei der Hand )
Ella : Mei Gott! Dat ass zevill Gléck op émol! ( zärtlech zum Frida ) O Frida, du Engel. Ass et dan och wo'er, oder ass et hömmen en Dram? Du brengs mer hire Segen, onser gudder Mamm hire leschte Segen!

Tilly : ( touche'ert ) Jo, Ella, hirt lescht Wuert war e Ségenswuert fir dech a mech, vun hir, der mer so' vill Lisär gemacht haten! A wiem verdanke mir dat Gléck? ( lét zärtlech den Arm öm d'Frida ) Ganz eleng onsem gudde Frida, onsem Engel! O, le'ft Frida, kanns du ons verzeien?

Frida : ( wiert bescheiden of ) Verzeihen?.. Ech verzeihen?.. Kanner, ech stierwe bal vu Fréd dat et mir vergonnt war mat iech an äre le'wen Klengen döst Chröschtfest ze feieren, dat sche'nst aus mengem ganze Liewen! Luerfir soen ech iech merci!

Ella : Dat gleicht eröm dem Frida, et sicht a fënt ömmer sei Gléck am Gléck vun dénen aneren!

Tilly : So' ass et! A mir, mei Gott, we' wäre mir so' blann ( hölt dem Frida seng Hand ) Wölls du ons vun haut un net och an deng Scho'l huelen. Wölls du ons net höllefen, grad eso' gudd a fromm ze sin we's du?

Ella : ( hölt och dem Frida seng Hand ) Jo, le'er ons den Herrgott an all Mönsche gären hun, Frida, le'er ons dat, wat dech eso' glécklech mecht!

Frida : ( falt d'Hänn an hiewt se glécklech zum Himmel ) O Herrgott, we' bass du eso' gudd, ech soen dir merci, fir de' sche'nst Stonn a mengem Liewen ( hölt d'Tilla an d'Ella bei der Hand ) An elo ruffe mer ons le'f Kleng a fre'en ons mat hinnen we' Kanner, kommt. Um Fest vum Chröschtköndchen an der Kröpp wölle mer vun Härzen eröm Kanner gin!

R I D E A U

===========

<u>Tableau</u> : An der Mött de brennende Chröschtbam, rechts devun stét d'Frida, et hält dat klengt Lina bei der Hand. D'Lina huet am Arm eng Popp an de Bre'f an der Hand, lenks stét d'Ella, d'Rita bei der Hand. D'Rita huet och eng Popp um Arem. Virun hinnen kne't d'Tilly an d'Schwester Magna, op der aner Seit d'Joffer Madeleine an d'Lisette. Wan de Rideau opgét gét : Stille Nacht, gesongen oder gespillt. Beleuchtung!